N°1720
Entrée le 04.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, vum Här Innenminister a vum Här Minister fir Famill, Solidaritéit an Integratioun op d'parlamentaresch Fro n°1720 vum 7. Januar 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend d' « Seuils appliqués dans les unités d'habitation ».**

1. **Ass d'Regiergung gewollt, fir an der Wunnengskris de Familljen entgéint ze kommen a si ze schützen, wa si keng Wunneng fannen, déi grouss genuch fir si ass?**

Der Regierung hir Effort'e ginn intensiv a permanent an d'Richtung fir séier de Parc vun abordabele Wunnengen ze vergréisseren. D'Regierung huet eng Rei Moossnamen ugeholl, déi a Kollaboratioun mat alle Partner - ëffentlech a privat - ausgeschafft goufen, fir de Bausecteur ze ënnerstëtzen, d'Schafung vu Wunnengen ze erliichteren an ze beschleunegen, an dobäi déi konjunkturell a strukturell Problemer vum Wunnengsmaart zu Lëtzebuerg ze berücksichtegen.

D'Akommesgrenze goufe fir all d'Wunnengshëllefe fir d'Privatleit ugepasst a Funktioun vun der Zesummesetzung vum Stot. Esou ginn d'Akommesgrenze fir Jonggeselle am Duerchschnëtt ëm 6% erhéicht an déi fir Stéit mat Kanner ëm tëscht 8% a 25%, jee no Unzuel vun de Kanner.

D'Akommesgrenze fir d'Primes d'accesion à la propriété goufen erhéicht, sou datt 59% vun de Stéit fir dës Primen eligibel sinn. Zousätzlech gouf d'Zënssubventioun op 3,5% erhéicht, fir de Familljen ze hëllefen, Immobiliekreditter accordéiert ze kréien.

D'Locatiounssubventioun gouf fir Stéit mat Kanner ugepasst. Fir all Kand, dat am Stot ass, gouf de Betrag vu 40€ op 80€ erhéicht.

D'Ännerungen, déi duerch d'Revisioun vum Mietgesetz agefouert goufen, dorënner d'Deele vun den Agencekäschten tëscht Locataire a Proprietär, d'Reduktioun vum maximale Montant vun der Garantie locative vun 3 op 2 Méint, d'gesetzlech Limite fir d'Erhéijung vun de Loyeren, d'Abolitioun vum Begrëff "logement de luxe" an d'automatesch Ëmwandlung vu Locatiounsverträg mat limitéierter Dauer, déi net gekënnegt ginn, a Kontrakter mat onbefrister Dauer, zilen drop of, méi Transparenz a Schutz fir d'Locatairen ze bidden.

D'Akommesgrenze fir d'Kafe vu Wunnengen, déi vun ëffentleche Promoteuren (Gemengen, Fonds du Logement, SNHBM) realiséiert ginn (vente abordable a vente à coût modéré), sinn eropgesat ginn. Doduerch gëtt d'Unzuel vun de potenzielle Keefer staark erweidert. Grondsätzlech sinn elo 70% vun de Stéit berechtegt, eng bezuelbar Wunneng (vente abordable) ze kafen, an 80% fir eng Wunneng zu moderéierte Käschten (vente à coût modéré) ze kafen.

Den Taux vun der Steierbefreiung fir Proprietären, déi hir Immobilie a Gestion locative sociale verlounen, gouf vu 75 op 90% erhéicht.

D'Reservatioun vu 480 Milliounen Euro Budget fir d'Acquisitioun vu Wunnengen an der VEFA, d'Ëmsetzung vun de Moossname fir déi administrativ Vereinfachung, grad esou wéi der Regierung hire PPP-Programm fir zousätzlech bezuelbar Wunnengen ze kréien, sinn Initiative mat duebelem Zil: d'Offer vu Wunnengen um ëffentlechen a private Maart ze erhéijen an d'Acteure vun der Immobilienentwécklung ze ënnerstëtzen.

D'Cellule „Soutien aux communes", déi rezent vum Ministère fir Wunnengsbau a Landesplanung gegrënnt gouf, zielt drop of, d'Gemenge weider ze encouragéieren a finanziell ze ënnerstëtzen, fir bezuelbar Wunnengen ze schafen.

All des koordinéiert Moossnamen zielen drop of den Zougang zu bezuelbare Wunnengen ze erweideren an dobäi op d'Diversitéit vun de Besoine vun de Familljen anzegoen, egal wéi hir Gréisst oder Kompositioun ass.

Lëtzebuerg, den 3. Februar 2025
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch